N°1362
Entrée le 18.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung a vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n°1362 vum 15. Oktober 2024 vum Här Deputéierten Sven Clement betreffend d' « Gestion locative sociale dans le cadre de l'affaire Caritas ».**

**1. Wéi eng konkret Decisiounen huet de Ministère zënter der leschter Äntwert a Bezuch op d'GLS geholl?**

„HUT-Hëllef um Terrain" huet eng Convention mam Ministère fir Wunnengsbau a Landesplanung ugefrot déi aktuell an der Ënnerschrëftsprozedur ass. Domadder feiert HUT-Hëllef um Terrain d'Aarbecht vun der Caritas am Kader vun der Gestion locative sociale wieder. Domadder ass den Iwwergang vun de Wunnenge vun der Caritas bei HUT-Hëllef um Terrain garantéiert.

**2. Wéi gesäit de geplangten Oflaf vun der staatlecher Garantie fir d'Loyeren aus a wéini kënnen d'Proprietäre mat enger Bezuelung rechnen?**

Dat ofgeännert Gesetz vum 7ten August 2023 iwwert d'Aides individuelles au logement gesäit am Art. 3 vir dass eng Garantie locative just kann ausgestallt ginn, wann et sech ëm eng Wunneng handelt déi um private Marché gelount gëtt.

Am Kader vun der GLS sinn also do keng Garantien ausgestallt ginn.

**3. Wéi genee soll den Transfert vun de Kontrakter tëscht der Caritas an der neier Struktur "HUT" oflafen, besonnesch well d'Proprietären an d'Locatairen aktuell Verträg mat der Caritas hunn?**

Dem Ministère sengen Informatiounen no, sinn d'Proprietären eenzel vun „HUT" kontaktéiert ginn. Déi Kontrakter déi mat der Caritas ënnerschriwwe gi ware, gi quasi integral vun „HUT" iwwerholl.

**4. Wéi eng Moossnamen hëlt de Ministère fir sécherzestellen, datt d'Rechter an Interête vu Proprietären a Locatairë wärend dëser Iwwergangsperiod geschützt sinn?**

D'Konventioun reegelt de Kader an deem de konventionéierte Partner, d'Proprietären an de Locataire sech beweegen dierfen.

**5. Wéi eng Zäitschinn ass fir dësen Transfertprozess virgesinn a wéini kann een domat rechnen, datt de System nees vollstänneg funktionéiert?**

Aktuell funktionéiert de System scho vollstänneg. Aktuell musse just Kontrakter tëschen den implizéierte Parteien adaptéiert ginn, wat awer keen Afloss ob d'Fonctionnement vun dem System Gestion locative sociale huet.

Lëtzebuerg, de 15. November 2024
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch